LÉIEREN A BEWEEGUNG
clever move

Newsletter 03/2020

Léif Enseignanten,

Hei ass den drëtten Newsletter vum Aarbechtsgrupp „clever move“. Dëst Joer hu mer och erëm eng Ouschtereeërsich um Start. Doniewent stelle mer iech dës Kéier d’Praxis aus der Waldbëlleger Schoul vir.

Vill Spaass beim Liesen an Ausprobéieren !

1. Save the date – Nationaalt Austauschtreffen

Den **9. Juni** ass zu **Jonglënster** am Centre culturel „am Duerf“ vu **14.00** bis **16.00** Auer e nationaalt Austauschtreffen zum Thema Beweegung am Unterrecht. Hei ass jiddereen häerzlech wëllkomm fir sech mat aneren Enseignanten iwwert d’beweegt Léieren awer och iwwert déi passend Rahmenbedingungen auszetauschen. Natierlech gëtt dëst Treffen als Formation continue vum IFEN unerkannt.

Weider Informatiounen an de de Link fir sech unzemellen:
http://www.formation-continue.lu/descriptionformation?idFormation=267478

2. Ouschtereeërsich 2020

D'Ouschtervakanz steet kuerz virun der Dier. Fir de Schluss vun dësem Trimester aktiv a fit ofzeschléissen, schécke mir Iech 5 flott Beweegungspausen.

Basteluleedung:

- ✓ d'PDF-Blieder ausprinten
- ✓ d'Ouschtereeër erausschneiden
- ✓ déi zwee passend Ouschtereeër um Rondel mat enger Attache-Parisienne uneneenheften, sou datt dat faarwegt Ee dat Ee mat der Spillbeschreiwung verdeckt an awer opgeklappt ka ginn.

Am Begleetbréif fannt Dir d'Oplëschtung vum Material, dat Dir fir déi eenzel Aktivitéite braucht an och nach weider Erklärungen zu de Spiller.

3. Schoul am Fokus

Dës Kéier stelle mer d'Schoul vu **Waldbëlleg** an d'Vitrine, mat e puer Fotoen aus hirer Praxis.



P.S.: Sidd Dir als Schoul net méi un dësem Newsletter interesséiert, da maacht eis e Mail (info@clevermove.lu) fir en ofzebestellen.